



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6707 vum 24. August 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Ass schonn zesumme mat der Verwaltung vun de Ponts et Chaussées dru geduecht ginn, fir dës Strooss op der betraffener Plaz an d'Réi ze setzen? Wa jo, wou sinn d'Etüden de Moment drun?

Der Stroossebauverwaltung ass den Zoustand vun der N24 op der vum honorabelen Deputéierte beschriwwener Plaz bekannt an ass och schonn am gaangen e Projet auszeschaffen, fir déi aktuell Situatioun ze behiewen.

Déi respektiv geotechnesch Etüde goufen ofgeschloss an de Soumissiounsossier gëtt momentan ausgeschafft.

Wéini ka mat den Aarbechten ugefaange ginn a wat wäerten dës kaschten?

D'ëffentlech Ausschreiwung fir dës Aarbechten ass fir 2023 virgesinn. D'Aarbechte wäerten da viraussichtlech, ënnert der Konditioun datt all di néideg Autorisatioune virleien, 2024 ufänken.

D'Käschte vun dësen Aarbechte ginn op ronn 750.000 Euro geschat.

Lëtzebuerg, den 27. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch